Question écrite n°1067 - Sujet : Gardiennage des infrastructures sportives

Auteur(s) : Monsieur Roy Reding, Député
Destinataire(s) : Monsieur Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur; Monsieur Romain Schneider, Ministre des Sports
Date limite de réponse à la question : 20-05-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
20-04-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
20-05-2015	Réponse écrite de Monsieur Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur; Monsieur Romain Schneider, Ministre des Sports	Document écrit de la réponse

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AVR. 2015
1067

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bannen an Sportminister weiderzeleeden.

Ët ass mir zu Ouere komm, datt Sportsveräiner ëmmer méi dacks eng Conventioun mat Gemenge mussen ënnerschreiwen, déi d'Mise à disposition vu Sportinfrastrukture betreffen. En eeschte Juristesche Problem ass hei d'Notioun vu „garde": Wann de betraffene Veräin „gardien" ass vun der Infrastruktur, ass hien och fir all Schied verantwortlech, déi duerch mais och un deenen Infrastrukture kënne geschéien.

Natierlech ka kaum ee Veräin sech et leeschten, esou Infrastrukture ronderëm d'Auer gewaachen ze loossen. An och eng Assurance kann, je no Infrastruktur, ganz schéin an d'Geld schloen. An een Tëschefall ka schonn de Veräin, an domatt seng Comitésmembere ruinéieren.

1. Wier et net sënnvoll, datt déi betraffe Gemenge selwer „gardien" am juristesche Sënn vum Wuert bleiwen? Gëtt et hei Richtlinne vum Bannenministär un d'Gemengen ?
2. Oder ass de Sportsminister d'accord fir ganz allgemeng déi ufalend Käschte soit vum „Gardiennage", soit vun der „Assurance" ze iwwerhuelen ?
3. Fënnt den Här Sportsminister am Kader vum Manktem u Bénévolat, deen allgemeng bedauert gëtt, dëst e richtegt Zeechen, datt Comitésmembere vun Veräiner, déi gratis fir dee schaffen an esouguer dacks nach ganz beträchtlech Zommen an de Sponsoring investéieren, esou ze soen als „Prime" esou finanzielle Risiken a Belaaschtungen ausgesat ginn ?
4. Denken net béid Haiser (Bannen- an Sportministär), datt eng „Convention cadre" déi keng esou abusiv Klauselen enthält, sollt vum Staat proposéiert ginn?

Mat céi wem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 MAI 2015

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 20 mai 2015

Objet : **Question parlementaire n°1067 du 20 avril 2015 de Monsieur le Député Roy Reding**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse commune du Ministre de l'Intérieur et du Ministre des Sports à la question parlementaire n°1067 du 20 avril 2015 de Monsieur le Député Roy Reding.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION
Reg.: N°L.:
Entré le: 22 MAI 2015
CE:
A traiter par:
Copie:

Romain SCHNEIDER,
Ministre des Sports

Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83400
Fax (+352) 247-83440

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.etat.lu

128-000020-20040525 FR

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Intérieur et de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n° 1067 du 20 avril 2015 de Monsieur le Député Roy Reding

---

Weder den Bannen- nach den Sportministär hun Kenntnis vun esou Konventiounen wou Gemengen engem Sportsveräin déi juristesch garde vun der Infrastruktur déi si benotzen iwwerdroen. Problematik déi hei opgeworf gëtt ass haaptsächlech en Assurancenproblem.

1. Op Grond vun der Autonomie communale ass et awer weder em Bannen- nach em Sportminister méiglech den Gemengen ze diktéieren wat si sollen an dierfen an hier Konventiounen schreiwen wat mise à disposition vun Infrastrukturen wou si Proprietaire sinn ugeht.
2. Wat Fro vum Iwerhuelen vun den Käschten vun esou enger Assurance ungeht, ass ze soen dass den Sportministär haut schons eng allgemeng Assurance „responsabilité civile" ofgeschloss huet fir all lizenséiert Spiller esou wei och fir d'Trainer an d'Comitésmemberen vun den Federatiounen an den Veräiner. Iwwer des Assurance sinn „responsabilité civile" Schied ofgedeckt. Den aktuellen limitéierten Budget, den virgesin as fir den „mouvement sportif" ze ënnerstetzen, get an soll och weider fir aner Saachen benotzt gin wéi fir eng zousätzlech Assurance an dem do Beräich ofzeschléissen.
3. Den Bannen- an Sportminister sin sech bewosst dass den Bénévolat eng ganz grouss an wertvoll Aufgab leescht an wëll des Léit ganz bestemmt kengen onnetzen Risiken an Belaschtungen aussetzen.
4. Am Interêt vum Sport an vum Bénévolat sin den Bannen- an Sportminister bereet Gemengen, iwert den Syvicol, mat dem béid Häiser eng ganz gudd Zesummenaarbecht hun, fir déi Problematik do weider ze sensibiliséieren.